N° 7032
Entrée le 22.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Äntwert vum Här Minister fir Energie, Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°7032 vum 19. Oktober 2022 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert "Fotovoltaikanlagen op Bauerenhäff"**

1. **Wéi vill Bauerenhäff hunn aktuell Photovoltaikanlagen op den Diecher installéiert?**

Den nationale Register gesäit keng Ënnerdeelung an deem Sënn vir. No Recherchen unhand vun der Lëscht *"Liste des établissements enregistrés au Grand-Duché du Luxembourg conformément au règlement (CE) n°183/2005 du Parlement européen et du Conseil du 12 janvier 2005 établissant des exigences en matière d'hygiène des aliments pour Animaux"* an dem Verglach iwwert de Geoportail, kéim een op gutt 265 Installatiounen, sief dat um Bauerenhaff oder de Wunnsëtz vum Bauerebetrib.

2. **Wéi hunn dës Zuelen, op déi lescht 5 Joer gekuckt, evoluéiert?**

Laut den aktuellen Donnéeën si säit 2018 ronn 40 MW Leeschtung bäikomm.

Dobäi muss ee bemierken, datt tëscht 2003 an 2017 0.67 MW un d'Netz ugeschloss gi sinn. D'Mesuren déi ergraff goufe säit der Ännerung am Joer 2016 vum Reglement iwwert d'Produktioun vun erneierbaren Energië vun 2014, déi ënnert anerem zwou Tarifkategorië virgesäit fir z.B. Kooperativen, hunn also hir Wierkung gewisen. Eng weider Upassung an dësen Tarifkategorien am Joer 2020 huet ab 2021 zu engem spektakuläre Sprong gefouert, ronn dräi Véierel vun de 40 MW sinn 2021 un d'Netz ugeschloss ginn.

3. **Wéi vill Stroum gouf op déi lescht 5 Joer gekuckt vun dëse Photovoltaikanlagen produzéiert? Wéi vill Prozent vum nationale Stroum gëtt esou produzéiert?**

Déi 40 MW Leeschtung aus der Fro 2, dierfte bei ca. 1.000 Laafstonnen (Volllaststunden) 40 GWh (entsprécht ongeféier 10.000 Stéit) erneierbare Stroum produzéieren, vum national produzéierte Stroum (993,48 GWh – ILR 2021) maachen dat ongeféier 4% aus.

Lëtzebuerg, den 22. November 2022
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie